



SAFARI AM WËLLE WESTEN

20 kuerz a kannerfrëndlech Trëppeltier an de Gemenge vum Kanton Réiden & Mäerzeg.

Méi Infoen op
www.klima.lu/safari

Eise Wëlle Westen huet eng ganz Rei wonnerschëin a verbuergen Ecker ze bidden, déi Dir, zesumme mat äre Kanner, entdecken kënn. Dës 20 Trëppeltier, verspriet an all eise Gemengen - Mäerzeg abegraff - sinn esou opgebaut, datt di allermeescht nitt méi laang wéi 5 km sinn. Mir maachen eng Wett mat Iech, datt dir Paff wäert sinn, wéi flott et bei eis ass, a wéi vill et hei ze gesinn an ze léiere gëtt op Plazen, déi nitt onbedéngt iwwert déi kllassesch Wanderweeër ze fanne sinn. Huelt är Been an de Grapp a maacht Iech prett fir cool Safarien am Wëlle Westen!

Stéchwuert „Léieren“: fir d'Wanderlust an d'Léift zur Natur vun eise jéngste Matbierger ze fërderen, sinn op all Safari 4 Hiweiser verstoppt, déi eis de Numm vun engem wëlle Mamendéier verroden, dat an eiser Regioun heemesch ass. Eis Kanner mussen sech un enger Kaart & Fotoe mat Feiler orientéieren, déi des Safari zu enger héich abenteuerlecher Missioun maachen. Iwwert dee Wee hu si nitt nëmme Spaass an Action, mee och Dir hutt d'Méiglechkeet fir mat hinnen zesumme faszinéierend Fakten iwwert eis Mamendéiere kennenzelieren. Déi 4 Hiweiser mussen vun de Kanner an hiert Safari-Bichelchen ofgemoolt ginn. Wa gewosst ass, ëm wéi en Déier et sech handelt, da muss och de Numm an d'Bichelchen agedroe ginn. Huet een der mindestens 15 vun 20 fonnt, da kann een déi lëscht Säit un den TouristInfo Atert Wark schécken an eis kleng Abenteurer kréien ee Safari-Sur-

vivor-Diplom heemgeschéckt. E klengen Tipp: um Site www.klima.lu/safari vum Kanton Réiden kann een 20 Déirekaarte vun der ANF eroflueden, déi engem hëllefen, déi Hiweiser besser z'erkennen an z'interpretéieren.

Schnaapt Iech ee vun eise gratis a limitéierte Bichelcher Safari am Wëlle Westen, wou all d'Informatiounen drastinn, fir sech op dës Aventuren an eise Bëscher ze preparéieren an och erëmfannen. Se sinn Enn Juli ze kréien an enger vun den 11 Gemengen (Kanton Réiden + Mäerzeg) an am TouristInfo Atert Wark. Déi eenzel Kaarte mat Erklärungen zum Wee sinn a Form vun Downloads ze fannen op www.klima.lu/safari.

Mir wënschen Iech vill spannend Entdeckungstouren an eisem Wëlle Westen a bieten Iech, léif Elteren, derfir ze suergen, datt sämtlech Hiweiser och nees zréck op hir Plaz „verstoppt“ ginn. Nëmme wa jidderee fair matspillt, kann och jiddereen dervu profitéieren.

Dëse Projet vum Syndikat Kanton Réiden gouf zesumme mat der ANF, dem Schiffermusée vu Maartel, de Biekerecher Millepätteren, dem regionale Bureau vun Natura2000 an der Tourist-Info vun Useldeng ausgeschafft. Mir soen dës Partner villmools Merci hier gutt Zesummenaarbecht. Och de Besëtzer, déi eis duerch hier Bëscher trëppele loossen, wëlle mir hei ee grouse Merci ausdrécken.



Syndicat Intercommunal
Kanton Réiden

Maison Worré
11, Grand-Rue
L-8510 Redange/Attert
T 28 33 40 40
caroline.schmit@kanton-reiden.lu
www.kanton-reiden.lu

